n° 3638

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 17:39, 12/02/2021

Lëtzebuerg, den 12/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Mobilitéit weiderzeleeden.**

Den éischte Luuchte-Radar gouf am Oktober 2020 op der Stäreplaz installéiert. An engem Gespréich mam Wort am Januar sot de Minister:

> *Die Testphase läuft ja bereits, voraussichtlich im Februar soll das Gerät aber endgültig operationell sein. Die ersten Resultate vor Ort sind allerdings erschreckend. An einem Tag wurden Hunderte Verkehrsteilnehmer geblitzt. [...] Es wird nicht der einzige Ampelradar bleiben.*

Den 11te Februar gouf d'Gesetz gestëmmt, also kann de Radar elo ufänken offiziel ze blëtzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fotoen huet de Luuchte-Radar bis elo an der Testphase scho geschoss?
2. Wéi vill Deeg mëscht de Radar an der Testphase elo scho Fotoen?
   - Wéi vill Deeg war en am Oktober aktiv?
   - Wéi vill Deeg am November?
   - Wéi vill Deeg am Dezember?
   - Wéi vill Deeg am Januar?
3. Wou ginn dës Fotoe gespäichert? Wou stinn d'Serveren op deenen se gespäichert ginn? An wat fir Fichiere ginn se gespäichert?
4. Ginn dës Fotoen anonymiséiert ier se op engem Server gespäichert ginn? Gëtt dës Anonymiséierung also automatesch virum späichere gemaach oder nodréiglech per Hand?
5. Wéi laang gëtt eng Foto no der Opnam gespäichert?
   Wouvun hänkt Dauer vun der Späicherung of?

6. Wéi eng Servicer kënnen dës Fotoe consultéieren? Ëm wéi vill Persounen handelt et sech heibäi?

7. Hunn dës Persounen a Servicer sech an der Vergaangenheet an engem Log File missten androen an de Grond fir hier Notzung uginn, ier se Accès zu den Date kruten?

| | |
|---|---|
| Mat déiwem Respekt, | Mat déiwem Respekt, |
| CLEMENT Sven<br>Député | GOERGEN Marc<br>Député |

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3638 du 12.02.2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen - Radar feu rouge

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés